LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 3522 vum 22. Januar 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet "Service bien-être au travail de la police grand-ducale".

Am Virfeld ass unzemierken, dass de Service Bien-être au Travail vun der Police (SBET) kee Programm ass, wéi vum honorabelen Deputéierte beschriwwen, mee e Service ënnert der Leedung vun enger Psychologin.

1. Wéi vill Beamten an zivil Mataarbechter vun der Police grand-ducale ginn aktuell am Kader vum SBET-Programm betreit a wéi huet sech dës Zuel an de leschte fënnef Joer entwéckelt?

Den SBET besteet eréischt zanter 2020 a bitt kee psychologesche Suivi un, well säi psychologescht Personal net un de secret professionnel gebonnen ass. Den SBET huet eng Vilfalt vu Missiounen an Aufgaben, déi zu der Betreiung vum Personal dozou gehéieren.

D'Chiffere vun dësen Aufgaben hunn sech an de leschten 3 Joer follgendermoossen entwéckelt :

| | |
|---|---|
| Formations :<br>2023 - 84 cours<br>2024 - 303 cours<br>2025 - 428 cours | Participation à des sélections internes :<br>2023 - 34 entretiens<br>2024 - 67 entretiens<br>2025 - 97 entretiens |
| Sensibilisations de groupe :<br>2023 – 86 séances<br>2024 - 52 séances<br>2025 - 18 séances | Conseils, orientations et coachings :<br>2023 - 325 entrevues<br>2024 - 266 entrevues<br>2025 - 293 entrevues |

2. Wéi vill Beamte goufen zënter 2019 op aner Aarbechtsplazen detachéiert?

Eng Rei Detachementer ginn aus gesondheetleche Grënn gemaach. Fir déi betraffe Memberen net ze stigmatiséieren, ginn d'Donnéeë vun Detachementer net iwwert e längeren Zäitraum repertoriéiert, esou dass vun den Detachementer säit 2019 keng Zuele gehale goufen.

D'Zil vum Detachement "pour raisons de santé" ass, dass den Agent spéider nees op sengem initiale Poste schaffe kann, respektiv, dass en e Poste kritt, deen u seng Besoinen adaptéiert ass. Decisioun dozou läit beim Aarbechtsdokter, bei der Commission des pensions oder der Commission mixte.

<u>Aktuell</u> si 25 Memberen aus dem Policekader a 6 Memberen aus dem zivile Kader repertoriéiert, déi all aus gesondheetleche Grënn détachéiert sinn. Dat entsprécht ronn 0.96% vum polizeileche Kader an 0.76% vum ziville Kader.

3. Wéi vill Beamte konnten zënter 2019, no hirem Detachement, erëm zu 100% op hire Posten agefouert ginn?

Aus den uewen genannte Grënn si keng Zuelen disponibel zu Polizisten déi 100% op hire Posten zeréck gefouert ginn.

Lëtzebuerg, den 10. Februar 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden